N°4121
Entrée le 21.05.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 22.05.2026
Chambre des Députés

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 21/05/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir den Interieur weiderzeleeden.**

Den Artikel 38 vum Policegesetz vum 18te Juli 2018 gesäit vir, datt Gemengeconseilleren am "Comité de prévention communal" kënne bedeelegt ginn. An enger Circulaire vum 25ten Abrëll 2025 huet den Inneministère d'Wichtegkeet vun dëse Comitéë fir d'ëffentlech Sécherheet ënnerstrach. Dobäi gëtt betount, datt dës Comitéen eng partizipativ a konstruktiv Zesummenaarbecht tëscht Gemengen a Police solle garantéieren. Dëst ass am Sënn vun enger breeder demokratescher Bedeelegung.

Verschidde Gemengen, wéi Suessem, sinn an deem Kontext positiv ervirzehiewen, well hei souguer Oppositiounspolitiker am Comité sëtzen. Aner Gemengen, dorënner zum Beispill Péiteng, maachen dëst net.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Fro stellen:

1. A wéi enge Gemengen, wou nom Proporzsystem gewielt gëtt, sinn och Gemengeconseilleren aus Oppositiounsparteien am Comité de prévention vertrueden?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés